Budget 2016

Discours vum Finanzminister Pierre GRAMEGNA

16.12.2015

SEUL LE DISCOURS PRONONCE FAIT FOI

Här President,

Léif Kollegen,

Dir Dammen an Hären,

Wéi ech iech virun e puer Wochen de Budget vum nächste Joer virgestallt hunn, sot ech, et ass ee Budget vun der Kontinuitéit, vun der Zouverlässegkeet a vun der Solidaritéit.

Ech mengen dass et wichteg ass, haut nach emol op des 3 Punkten anzegoen.

Virdrun wéilt ech awer **dem Rapporter, dem Henri Kox Merci soen** fir saïn **excellenten, an immens detailléierten** Rapport, deen och iwwert de Budget eraus eng wäertvoll Source vun Informatiounen ass iwwert eist Land an eis Économie.

(1) **<u>Et ass ee Budget vun der Kontinuiéit</u>**, well et en ee weidere Schrëtt duerstellt op deem Wee, deen d'Regierung 2013 virgezeechent huet, fir d'ëffentlech Finanzen rëm op stabil Féiss ze setzen.

Ech well nach emol drun erënneren, wat d'Situatioun war, déi ech 2013 virfonnt hunn :

- Tëscht 2009 an 2012 gouf et bei der Administration Centrale all Joer **een Defizit tëscht 700 Milliounen an enger Milliard**. *(Tableau p. 80 avis Chambre de Commerce)*
- Dem Staat säi Scholdebierg ass a manner wéi 10 Joer vun eppes iwwert enger Milliard op iwwer 11 Milliarden Euro ugewuess. Wa mer näischt geännert hätten, wäre mer 2018 bei iwwer 16 Milliarden geland. Alleng an de läschte 5 Joer ass d'**Staatsschold** vun 7% op 23% vum PIB gewuess.
- Dat war **net nëmmen den Effekt vun der Kris** : säit 2002 war bis op Ausnahm vun 2007 ALL Joer Defizit bei der Administration Centrale *(avis Chambre de Commerce, p. 82)*

- Säit Joren war gewosst, dass **d'TVA um commerce électronique** ewechbrieche géif, an et war keng Alternativ präparéiert ginn. Dëst Joer kascht dat eis ronn 650 Mio.

- Dat sinn **strukturell Problemer**, fir déi des Regierung huet musse Léisunge fannen. An mir hunn se fonnt. De Wee ass gezeechent, a mir sinn amgaang deen ze goen.

- D'**Schéier tëscht de Recetten an den Dépensen geet erëm zesummen**. 2016 wuessen **d'Dépensen mat 4,8% wäit manner wéi d'Recetten mat 5,4%**.

- **Den Defizit vun der Administration Centrale vun 568 Milliounen am Joer 2015 op 438 Milliounen am Joer 2016, also em 130 Milliounen erofgoen**.

- Par rapport zur Situatioun, déi mer gehat hätten, wa mer weidergefuer wären wéi eis Virgänger, gouf **den Defizit sou gutt wéi halbéiert** !

- Wann een d'Avise liest, da mierkt een: et ginn der, deenen **d'Reduktioun vum Defizit net séier genuch** geet (Chambre des Métiers, Chambre de Commerce), an anerer, déi der Meenung sinn, et kéint een den Defizit roueg **lafe loossen**.

- Mat dësem Budget situéieren mer eis also an der **gëllener Mëtt.**

- D’Staatsschold wäert sech iwwert déi nächst Joren op dem **aktuellen Niveau stabiliséieren**.

- Ech well nach emol drun erënneren, **dass ech 2014 an och 2015 keng nei Scholden opgeholl hunn**, mat Ausnam vum Sukuk vun 200 Mio , bei deem et awer alleng dorëmmer goung, d’Promotioun vun der Finanzplaz ze maachen.

- Am Budget 2016 ass virgesinn, **1,5 Milliarden nei léinen ze goen.** 400 Milliounen dofir gi geholl fir een schonn existenten Emprunt ze rembourséieren. Dat sinn **netto also 1,1 Milliarden** déi nei opgeholl ginn.

- 1,1 Milliarden op 3 Joer (2014, 2015, 2016), dat sinn an der **Moyenne also 366 Milliounen d’Joer**.

- Vergläicht dat mol mat deem, wat déi fréier Regierung alleng vun 2010 un u Scholden opgeholl huet :

18/05/2010	2.000.000.000	3,375%
21/03/2012	1.000.000.000	2,250%
19/03/2013	750.000.000	2,250%
10/07/2013	2.000.000.000	2,125%
20/08/2013	300.000.000	2,750%

(avis Cour des comptes, p. 37)

Dat waren zesummen **iwwer 6 Milliarden bannent 3 Joer**. Iwwer 2 Milliarden d'Joer. Géingt haut nach just 366 Milliounen. Och dat weist, dass des Regierung d'Land aus der Scholdespiral erausféiert.

(2) <u>Et ass ee Budget vun der Zouverlässegkeet.</u>

Zouverlässegkeet op 3 Niveauen :

- am Bezuch op d'Zuelen, op déi de Budget sech baséiert
- am Bezuch op d'Erreechen vun den Zielen
- am Bezuch op d'Europäesch Regelen

Zouverlässegkeet am Bezuch op d'Zuelen, op déi de Budget sech baséiert

- Ech hunn bei der Virstellung vum Budget ganz kloer gesot, dass ee weider muss virsiichteg sinn, an dass et **Risike** ginn um Niveau vun der Weltwirtschaft, déi och een Afloss op de Wuesstem zu Lëtzebuerg kéinten hunn. D'BCL weist dat an hirem Avis jo och.

- **Wirtschaft ass keng Science exacte**, an ech hu genee sou wéineg eng Glaskugel wéi all déi aner heibannen.

- Grad well d'Regierung sech op objektiv, an net politesch, Kritäre baséiere wollt, huet se sech op d'Zuele vum Statec baséiert : **Statec note de conjoncture 1/2015** : 2015 3,7%, 2016 3,4%, 2017 3%

- Säit dem Dépôt vum Budget sinn effektiv aner Zuelen erauskomm.

- Note de conjoncture 2/2015 : 2015 3,2%, 2016 3,4% 2017 3%

- Commission, Automn Forecast : 2015 3,1%, 2016 3,2%

- FMI, Oktober 2015 : 2015 4,4%, 2016 3,4%

- Et gesäit een also, dass d'Zuelen vum Budget ëmmer nach **an der Mëtt vun de Schätzunge leien**, grat och am Verglach mat deene vum FMI.

- Et schéngt **ee Ritual** ze sinn, dass d'Oppositioun d'Zuelen vum Projet a Fro stellt. Ech hunn dat jo lo schonn e puer Joer materlieft. Mä wat ass dann an der Realitéit geschitt ?

    - 2014 gouf et manner wéi 1% Ofwäichung zum Projet. Um Schluss hu mer souguer **manner Defizit gehat wéi virgesinn.**

    - 2015 ass nach net ofgeschloss, mee déi provisoresch Zuelen weisen, dass mer och besser leien, wéi dat wat virgesi war. D'Dépensen sinn absolut am Grëff. **Ech rechnen dofir och fir 2015 mat liicht manner Defizit wéi virgesinn.**

    - Dat alles weist, dass d'Regierung **de Budget am Grëff huet**, och wann d'Oppositioun aus Prinzip de Géigendeel behaapt. Mä dat gehéiert zum politesche Spill.

- Ech ginn iech een anert Beispill, fir ze weisen, dass iwwerdriwwene Pessimismus net ubruecht ass. Am Abrëll 2014 huet de Statec eng Etude publizéiert, an där stoung, dass **d'Enn vum Bankgeheimnis 2000 Arbechtsplazen oder 5% vum Emploi am Finanzsecteur kaschte kéinnt**. Aktuell Zuele weisen, dass haut souguer méi Leit an deem Secteur schaffen, wéi deemools.

- Ech sot et schonn e puer mol op dëser Plaz, an ech ka mech nëmme widderhuelen : **ech sinn optimistesch fir Lëtzebuerg** !

Här President,
Dir Dammen an Hären,

D'Zuelen fir 2016 sinn realistesch.

- Verschiddener heibanne soen : de Budget Pluriannuel ass net richteg, well net alles en compte geholl ass, zum Beispill d'Changementer, déi wäerte kommen beim Kannergeld, beim Congé Parental, oder bei der Steierreform.

- Laut den Regelen **kann een de Budget nëmmen op Basis vun deem opstellen, wat schonn décidéiert ass**.
- Den Budget Pluriannuel gëtt eng gutt Orientatioun, en hëlleft nohalteg ze plangen.
- Et ass eng **Projektioun à politique constante**. Den Impakt vun neie Mesure ka réischt agerechent ginn, wann déi bis décidéiert sinn.
- Dat läit och dorunner, **dass de Budget Pluriannuel ee Gesetz ass**, an net einfach een Arbechtsdokument.
- Dee Mechanismus ass net perfekt, mä op alle Fall **ee Fortschrëtt vis à vis vu fréier**, wou de Budget ëmmer nëmme vun engem Joer op dat nächst gekuckt ginn ass.
- Ee weideren Fortschrëtt wäerte mer d'nächst Joer maachen, wou mer déi **Pluriannuel Orientatiounen schonn am Fréijoer** diskutéiere wäerten.

Zouverlässegkeet am Bezuch op d'Erreeche vun den Zieler

Am Regierungsprogramm ass festgehal :

Compte tenu de la forte volatilité des recettes publiques et des déficits hypothéquant la soutenabilité des nos finances publiques, le Gouvernement a décidé de prendre les mesures nécessaires pour atteindre deux objectifs budgétaire principaux :

- *atteindre d'ici la fin de la période de législature un solde structurel des finances publiques d'au moins +0,5% du PIB ;*
- *maîtriser, voire réduire la dette publique de façon à la maintenir à tout moment en-dessous de 30% du PIB.*

Well d'Koalitioun d'Weichen direkt am Ufank richteg gesat huet, hu mer des Zieler haut schonn erreecht, a wäerten se och wieder hale kënnen :

- **2016 ass de Solde structurel +0,6% - ouni Zukunftspak wäre mer bei 2016 bei -0,7% geland gewierscht**. Iwwer d'ganz Period bis 2019 wärt Lëtzebuerg de Solde Structurel respektéieren.

- **D’Staatsschold wärt iwwert déi nächst Joren bei ronn 24% vum PIB stabiliséiert ginn.**

  Kritiker soen, d’Schold geet weider rop.

  - An absoluten Zuelen, jo. Mee manner wäit wéi fréier.
  - Dat muss een am Kontext kucken. De Budget vum Staat wisst och. **Am Verhältnis zum PIB, also zum Räichtum vum Land bleift d’Schold also konstant, a geet souguer liicht erof.**
  - Domatter ass der Scholdespiral, an där d’Land dra war, een Enn gesat.

D’Regierung erreescht also hir Zieler.

Dat gëllt iwwregens och am Bezuch op den Zukunfspak.

- **Den Impakt vum Zukunftspak**, zesumme mat den steierleche Mesuren:
  - 2015: 382,7 Mio

- 2016: 584,6 Mio
- 2017: 723 Mio
- 2018: 808 Mio
- 2019: **841,6 Mio**, woubäi den Effort tëscht Recetten an Dépensen dann ongeféier am Equiliber läit.

- Dat ass effektiv manner, wéi initial virgesinn, mä :
  - Et goufen **Ajustementer gemaach**, och am Dialog mat de Gewerkschaften an dem Patronat
  - Och no dësen Ajustementer erreecht d'Regierung hiert d'Ziel d'Staatsfinanzen ze sanéieren.

  - An hirem Avis (Säit 60) weist d'BCL, dass den Ënnerscheed tëschent deem wat um Niveau vum Zukunftspak initial geplangt war, an deem, wat momentan ëmgesat ass, 2015 nëmmen 11 Milliounen, an 2016 nëmmen 30 Milliounen ausmaache wäert. Do si mer also wäit ewech vun deene Montanten, déi d'Oppositioun an d'Welt gesat huet.

- Et stëmmt, dass eng Rei Mesuren vum Zukunftspak nach net chiffréiert waren oder sinn. Mee déi sinn dann och net mat ageplangt ginn, respektiv gouf just 0 EUR agesat. **D'Resultat kann sech also nëmme verbesseren** au fur et à mesure wou alleguerten d'Mesuren ëmgesat ginn.

- Interessant, dass d'Oppositioun dee Pak zwar fir d'éischt guer net wollt, mee sech lo Suerge mécht dass e vläicht net ganz ëmgesat gëtt.

- Ech kann iech berouegen, a wäert ëmgesat ginn, a mir wäerten **den Defizit weider reduzéieren**.

- Ech weess, dass verschiddener heibannen der Meenung sinn, d'Regierung géif **den Equiliber um Niveau vun der Administration Centrale net séier genuch erreechen**. Ma da sollen déi Leit mir herno <u>konkret</u> erklären, wéi se dat maache géifen, ouni Aschnëtter bei den Investitiounen oder bei de Sozialleeschtungen ze maachen.

Zouverlässegkeet och am Bezuch op déi Europäesch Regelen

- Mat dësem Budget respektéiert Lëtzebuerg all europäesch Normen !
- Den CNFP hat dat a sengem Avis jo deelweis ugezweiwelt,
- D'Banque Central schwätzt an hirem Avis awer eng kloer Sprooch, a bestätegt dass Lëtzebuerg **den Objektiv vum OMT vun 0,5% bis Enn vun der Legislaturperiod** respektéiert.
- Et stëmmt awer, dass et **verschidde Methode ginn, den Solde structurel ze rechnen**, an dass keng ganz einfach Matière ass. Eng ganz Rei Avisen, och deen vun der Chambre de Commerce, weisen dorobber hin. Op der Säit 66 vum Avis vun der Cofibu fënnt een en Tableau, deen de Solde structurel no deene verschiddene Methoden matenee vergläicht. Do gesäit een d'Ënnerscheeder am Resultat, déi dat ausmaache kann.
- Am Endeffekt ass dat eenzegt wat zielt awer **d'Resultat no der Methode vun der Europäescher Kommissioun**,

well et ass op där Basis wou mer bewäert ginn. An no där Methode si mer méi wéi gutt.

- Nach méi aussokräfteg wéi de Solde structurel ass de **Solde nominal**.

- **Och do ass dass d'Evolutioun positiv,** wat weist, dass mer um richtege Wee sinn.

- D'Kommissioun huet dat bestätegt, an eis de Feu vert fir de Budget ginn. **Dëse Qualitéitsstempel vun der Kommissioun, genee wéi eisen AAA, sinn ee Gage vun der Stabilitéit vun eisem Land**, an een Argument fir auslännesch Investoren wieder op Lëtzebuerg ze kommen, an hei Arbechtsplazen ze schafen.

- Ech fannen et dofir **bedenklech, wann eenzel Avisen, wéi deen vun der CSL oder der CHFEP déi Europäesch Regelen a Fro stellen**. Ech zitéieren :

- *« La CSL souligne de nouveau son mécontentement face à l'atteinte portée à la souveraineté budgétaire nationale du fait que la confection du budget est soumise aux critères stricts de l'Union européenne et de la zone euro. »*

- *"La CHFEP exprime son désaccord avec les choix idéologiques proposés par la Commission européenne en matière budgétaire."*

- Soll Lëtzebuerg ieren d'Regelen vum **Stabilitéits- a Wuestumspakt net méi respektéieren** ? Et gi genuch Beispiller an Europa déi weisen, wéi schwéier et fir ee Land gëtt, grad ee klengt Land, wat sech an sou eng Situatioun era manövréiert.

- Déi Europäesch Regelen hëllefen eis iwweregens och d'Presentatioun vum Budget méi kloer a méi transparent ze maachen.

- Mee et ass richteg, dass **d’Zuelen no Europäeschen Normen (SEC2010)** zum Deel anerer sinn wéi no de Regelen vun der Lëtzebuergescher Comptabilitéit. Dat ass net ëmmer einfach ze liesen. Dorobber hunn och eng Rei Avisen higewisen. Am Kader vun der Réforme Budgétaire schaffe mer weider drun, dëst an Zukunft nach méi kloer duerzestellen.

- A sengem Rapport **recommandéiert den Här Kox déi Idee opzegräifen**, déi ech am Oktober hei lancéiert hat, fir **d’Diskussioun iwwert déi pluriannuel Orientatiounen vum Budget, och am Sënn vum Europäesche Kalenner, an d’Fréijor ze verleeën** *: 'prévoir un débat spécifique autour de la programmation pluriannuelle afin de souligner davantage les grandes orientations budgétaires à moyen terme et faciliter ainsi la consultation et l'implication de toutes les parties prenantes dans l'élaboration du PNR'*

- Ech freeë mech, dass déi Idee sou positiv opgeholl ginn ass.

E Budget vun der Kontinuitéit, vun der Zouverlässegkeet … awer och vun der Solidaritéit.

(3) Et ass ee Budget vun der Solidaritéit – vum sozialen Triple A

- A sengem Rapport sträicht den Här Kox eraus – an dat freet mech -, dass **d'Dépensen fir 'politique pour personnes agées, politique de solidarité a politique pour personnes handicapées'** weider eropginn.
- **De Chômage bleift ee Problem**, an ass eng Tragedie fir jiddereen, dee betraff ass. Den Avis vun der CSL an den Rapport vum Här Kox weisen explizit drop hin. **Mir gesinn, dass de Chômage erof geet. E läit elo, no länger Zäit erëm, ënner 7%** De Problem ass net, dass zu Lëtzebuerg net genuch Aarbechtsplaze geschaf ginn. De Problem ass, dass sech net fir all oppe Plaz zu Lëtzebuerg och Leit mat der entspriechender Ausbildung fannen.

- Dofir wäert d'Regierung **weider massiv an d'Educatioun an och an d'Weiderbildung investéieren**, fir déi jonk Leit – an och déi manner jonk – optimal op d'Arbechtswelt virzebereeden.

- Ech wëll hei net nach eng Kéier an den Detail goen vun all de Mesuren, déi geholl ginn, am **Intérêt vun deene Schwächsten an eiser Gesellschaft**.

- Ech denken zum Beispill un d'**Investitiounen an de soziale Wunnengsbau** an un déi nei **Subvention Loyer**, oder un de Budget vun de **Chèque Services**, deen 12,5% an d'Luucht geet.

- Ech wëll awer nach emol drun erënneren, dass ronn **d'Halschent vun den Dépensen Sozialleeschtungen, Hëllefen, Subventiounen an Transferte** sinn.

- Vereenzelt gouf der Regierung ënnerstallt, zevill ze spueren (avis CSL, CHFEP), oder souguer sozialen Ofbau zu maachen.

- An Zäiten, wou **d'Dépensen em 4,8% erop ginn** ass dat eng éischter erstaunlech Ausso.

- De Staatsrot schreift : **« Toute affirmation selon laquelle le Gouvernement pratiquerait une rigueur excessive, voire une politique d'austérité, ne correspond pas à la réalité observée. »** De Rapport vum Här Kox confirméiert dat explizit och.

- Au contraire ginn et aner Stëmmen (Chambre de Commerce, Cour des Comptes zum Beispill), déi verlangen et sollt méi gespuert ginn.

- Ech denken also, **dass mer och hei déi gëlle Mëtt fonnt hunn**.

Zur Solidaritéit gehéiert och Steiergerechtegkeet.

- An den Avisen, besonnesch vun der BCL, steet vill iwwer d'Steierreform. Déi eng (zb Cour des Comptes) fäerten d'Steierreform kéint ze generéis ginn, an den Equiliber vum Budget a Gefor bréngen, déi aner fäerten, si kéint net generéis genuch ginn, a besonnesch de Mëttelstand net genuch entlaaschten.

- Dat sinn alles interessant Iwwerleeungen, déi wäerte mat an d’Arbechten afléissen.

- **Mä haut ass dat net de Sujet.**

- Et ass kloer, dass eng Steierreform, där hier Konturen definitiv nach net feststinn, natierlech och nach net en compte geholl konnt ginn an den Zuelen vum Budget Pluriannuel.

- Am Budgetsgesetz ass allerdéngs eng Mesure virgesinn, déi direkt mat der Fiskalitéit ze dinn huet, an déi och e bëssen fir Diskussion gesuergt huet : **d’Régularisation fiscale.**

- **Et ass keng Amnistie**. D’Steieren déi geschëllt sinn, musse bezuelt ginn, an et kënnt nach eng Strof drop – vun 10% dat nächst Joer, an 20% 2017. Déi Regel ass also méi streng wéi villes, wat een déi läscht Joren am Ausland gesinn huet, wou et zum Deel duergoung, ee Forfait ze bezuelen.

- Lo frot der mech, wou ass dann den Intérêt ? Ma den Intérêt ass, **dass et net op d’Geriicht geet**. Keng penal Strof dobäi kënnt.

- Des Regularisatioun ass eng **Mesure déi sënnvoll ass, déi an eis Zäit passt, an déi och am Ausland weist, dass Lëtzebuerg well ee Land wéi all déi aner ass**, an Steierhannerzéiung weder encouragéiert, nach dulde well.
- Wat méiglech Recetten duerch des Mesure ugeet, sou hu mer déi mat 0 agesat. Net well ech mengen, dass déi Mesure reng symbolesch bleift, mee well dat de Prinzip ass vun enger virsiichteger Budgetspolitik, keng Recette mat anzerechnen, vun deenen een net sécher ka sinn, op a wéivill se brénge wäerten.

Solidaritéit ass och Solidaritéit tëscht ze Generatiounen

- **Den Här Kox leet a sengem Avis ganz grousse Wäert op de Volet vun der Nohaltegkeet vun eise Staatsfinanzen**. Och d'Diskussiounen Ufank des Mounts am Kader vum Här Gybérien senger Interpellatioun hunn gewisen, wéi wichteg et ass, laangfristeg ze denken an de plangen.
- Grat dofir ass et sou wichteg, dass mer d'Finanzen am Grëff halen, an **der nächster Generatioun keen ëmmer méi grousse Scholdebierg hannerloossen**.

- Au contraire, des Regierung huet mam **Fonds Souverain** dofir gesuergt, dass déi Generatiounen déi no eis kommen souguer wäerten op eng Reserv zréckgräife kënnen.

- An enger Rei Avisen gëtt och de Sujet vun der **Nohaltegkeet vun eisem Pensiounssystem ugeschwa**t. Den Avis vun der Cofibu schwätzt vum 'grand dilemme du modèle luxembourgeois' , deen op Wuestum opgebaut ass, fir dëse System och an Zukunft finanzéieren ze kënnen. Et ass un eis dofir ze suergen, dass dee **Wuesstem sou nohalteg wéi méiglech** ass, an ech mengen, dass de Budget och an deem Sënn déi richteg Accenter setzt.

Här President, dir Dammen an dir Häre, sou wéi ech dat am Oktober schon duergeluecht hat, setzt de Budget 2016 fënnef Prioritéiten :

1. de Wuesstem ënnerstëtzen ;
2. investéieren am Intérêt vun de Bierger ;
3. de Sozialstaat weider stäerken ;
4. de Klimawandel eescht huelen ;
5. Solidaritéit weisen iwwert eis Grenzen eraus.

De Wuesstem ënnerstëtzen & investéieren am Intérêt vun de Bierger .

Ech freeë mech, dass et an allen Avisen **quasi unanime Zoustëmmung fir des Politik** gëtt.

- Vun 2014 op 2015 sinn d'Investissementer ëm 18,4 erop gaang. 2016 leien se nach emol 15% méi héich, dat sinn dann 2,249 Mia. Dat ass ee **Rekordniveau**.

- Dat ass eng Politik, déi och **international exemplaresch** ass, well si ass absolut konform zu de Recommandatiounen vun der EU an den internationalen Organisatiounen,

Am Avis vun der Cofibu weist de Rapporter, dass des Regierung bei den Investissementer wichteg Accenten setzt :

- An den Transports en commun, besonnesch beim Zuch
- An der Emweltpolitik, besonnesch beim Waasserschutz
- An der Recherche. Am Kader vum Programm Europe 2020 huet eist Land sech engagéiert d'Investissementer an d'Recherche bis op 2,3-2,6% vum PIB eropzefueren, 0,7-0,9% dovunner Recherche publique
- Och d'Diversifikatioun vun der Wiertschaft geet weider. Ee Beispill wat ech hei nenne kann, eng Neiegkeet säit dem Dépôt vum Budget, ass d'Créatioun vum **House of Fintech**, dat 2016 um Kierchbierg seng Dieren opmaache soll.

3t Prioritéit : de Sozialstaat weider stäerken.

Ech hu virdru gewisen, wéivill de Staat op deem Niveau investéiert – nämlech ronn d'Halschent vun den 16,7 Milliarden, déi de Budget dëst Joer duerstellt.

Ech sot bei der Virstellung, de Budget weist, dass d'Regierung de Klimawandel eescht hellt, an déi läscht Developpementer hunn dat bewisen:

- D'COP21 war ee grousse Succès, och dank der Lëtzebuerger Présidence, a besonnesch der Ministesch Carole Dieschbourg, déi eng ganz konstruktiv Roll gespillt huet.
- Déi Engagementer, déi mir international geholl hunn, ginn heiheem konkret ëmgesat. Dofir geet och d'Dotatioun vum Emweltfong staark an d'Luucht.
- Ech freeë mech, dass et **ee gewësse Konsens** gëtt, dass dat dee richtege Wee ass. Sou weist d'Chambre des Métier an deem Kontext an hirem Avis op all d'Efforte hin vun der Regierung am Intérêt vun der Rénovatioun énergétique a vum Nohaltege Bauen.

Leschte Punkt, deen ech hei uschwätze wëll : Solidaritéit weisen iwwert eis Grenzen eraus

- Säit dem Dépôt vum Budget gouf et d'Uschléi zu Paräis, an d'Verschäerfung vun der Migratiounskrise op europäeschem Niveau.

- A ganz Europa, an och zu Lëtzebuerg, wäert an Zukunft **méi a Sécherheet investéiert ginn**.

- **Dëst si keng Zäiten, fir egoistesch ze sinn**. Lëtzebuerg huet international Engagementer geholl, an ass sech senger Responsabilitéit bewosst.

- Ech wëll och nach emol drop hiweisen, dass Lëtzebuerg an där ganzer Problematik **virun allem op Präventioun setzt**. Nëmme wa mer évitéiere kënnen, dass Mënschen an eng Situatioun kommen, wou se keen aner Choix méi gesinn, wéi hir Heemecht ze verloossen, kënne mer d'Zuel vun de Flüchtlingen an Europa limitéieren.

- Dofir huet d'Regierung décidéiert, **de Budget vun der Entwécklungshëllef vun 1% RNB** och -a grad- an dëse

schwéieren Zäiten bäizebehalen. Ech freeë mech, dass den Här Kox a sengem Rapport d'Meenung deelt, dass dat de richtege Wee ass.

Här President, Dir Dammen an Hären,

- Ech si frou iwwer déi konstruktiv Avisen, an iwwert deen detailléierten Rapport vum Här Kox, an wäert mat groussem Intérêt déi weider Diskussiounen hei an der Chamber verfollegen.